ANNEXE Hausuerdnung:

AUSGANGSUERDNUNG VUN 10e – 13e

◘ Mëttesausgang fir d'Schüler vun der 10e - 13e

Méindes bis Donnesdes: vun 15.50 – 16.55 Auer d'Kaart dem Erzéier, dee beim « Kaffi » ass, ofgin.

Déi **schoulfräi Nomëtteger** : zwëschen 13.00 an 17.00 Auer, 2 Stonnen « au choix ».

Beim Verloossen vum Haus d'**Ausgangskaart** engem Responsabel um 3. Stack **ofgin** an och nees **sichen kommen** soubal een zrëck ass!!!

◘ Owesausgang ass méiglech vun 20.00 - 22.00 Auer

(nëmmen fir déi, déi schon 16 Joër hun)

10e: 4x pro Trimester, net méi wéi eemol pro Woch.

11e: 6x pro Trimester, net méi wéi eemol pro Woch.

12e: 1x an der Woch.

13e: 2x an der Woch.

D'Ausgangskaart ëmmer bei engem Responsabel vum 3. Stack ofgin an nees sichen kommen!

!!! WICHTEG fir den OWESAUSGANG!!!

Fir vum Owesausgang ze profitéiren, brauchen mir den schrëftlechen Accord vun den Elteren.

Beim Verloossen vum Haus d'Kaart engem Erzéier am Büro um 1. Stack ofgin oder an d'Këscht um 1. Stack geheien. Beim Zrëckkommen d'Kaart beim Erzéier wechhuelen.

Fir all Ausgang gelt sech un d'Auerzäiten ze halen, dh. pünktlech nees zrëck am Internat ze sin!!

◘ Alkohol

Wéi schons an der Hausuerdnung steet, ass den Besëtz an d'Konsuméiren vun Alkohol am Haus strengstens verbueden!!

All Mëssbrauch vun Alkohol get sanktionéiert a féiert zu Konsequenzen.

◘ ◘ Moossnamen beim net Anhalen vun der „Ausgangsuerdnung - Owesausgang"!!

Bei der 1. Kéier : 1 Woch guer keen Ausgang (Warnung)
Bei der 2. Kéier : 3 Wochen guer keen Ausgang
Bei der 3. Kéier : 1 Woch Ausschloss aus dem Internat

◘ ◘ Moossnamen beim Alkoholkonsum

Bei der 1. Kéier : 1 Woch guer keen Ausgang (Warnung)
Bei der 2. Kéier : 3 Deeg Ausschloss aus dem Internat
Bei der 3. Kéier : 1 Woch Ausschloss aus dem Internat

Et versteet sech vum selwen, dass d'Elteren iwert all Moossnam informéiert gin an datt et ëmmer méiglech bleiwt, méi haart Moossnamen ze huelen ! ! !

Den Direkter an d'Erzéierequipe

✂---

SCHRËFTLECHEN ACCORD FIR DEN OWESAUSGANG

Wann ech gelift ënnerschreiwen mat der Mentioun « **lu et approuvé** » an desen Ziedel dem Erzéier ofgin. Merci.

Numm vum Schüler: ……………………………………………………………………………..

Ënnerschrëft vum Schüler ………………………………..
………………………………..

vun den Elteren
……………………..…………
……………………..…………

Datum: ……………………………………………………...

AUTOEN AN DER BÛD

Mir kënnen iech keng Parkplaz hei um Terrain vum Internat zur Verfügung stellen. Dir musst äeren Auto, Méindes moies, an den Däichwisen ofstellen.

Während der Woch gëlt folgend Regel :

Et ass net erlaabt vu Méindes bis Freides, ouni Erlaabnis vum Direkter, mam Auto ze fueren.

Dësen Ziedel soll vun iech **an** äeren Elteren ausgefëllt an ënnerschriwen gin.

✂--

Ech ***(Numm)*** **……………………………………..................**, brénge mäin Auto

(Marque)**……………….........................** ***(Faarw)*** **…………….…....................**

(Plakkenummer)**...........…………………...... mat.**

Ech verpflichte mech, net ouni Erlaabnis vum Direkter an der Woch domat ze fueren.

....

Ënnerschrëft vum Jong Ënnerschrëft vun den Elteren

Datum: ....